



verleeft, dëst am Interessi vun der sozialer Kohesioun vun eisem Land.

Zu wat Problemer um Niveau vun der Immigration an der Integratioun kënnen féieren, konnte mir an deene leschte Méint a verschiddene vun eisen Nopeschlänner erliewen, wou extrem riets Parteie massiv an de Parlamenten erëm vertruede sinn.

Duerch d'Afféiere vun der duebeler Nationalitéit hu mer virun zwee Joer e wichtege Schrëtt gemaach a Saachen Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger. De grouss Succès vun dësem Gesetz weist dann och, wéi wichteg fir vill vun dësen auslännesche Matbierger déi Lëtzebuerger Nationalitéit ass, déi hinnen dann och erlaabt, niewent hiren eegene Wuerzele sech awer och zu Lëtzebuerg doheem ze fillen.

Och wa viles gutt leeft a mir Gott sei Dank net déiselwecht Problemer kenne wéi verschidde vun eisen Nopeschlänner, esou dierf een awer d'Aen net zoumaache virun der Realitéit, well och hei am Land ass net alles perfekt, an et gëtt sécherlech eng Rei vun Defiziter. A ville Gesprächer mat de Leit dobaussen - Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger - ass mer bewosst ginn, datt et dach plazeweis Problemer am Zesummeliewen tëschent Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger an och tëschent eenzelnen Auslännerpopulatiounen an eisem Land gëtt. Besonnesch méi eeler Leit hunn heiandsdo Problemer, sech an där kosmopolitescher Gesellschaft, an där mer liewen, erëmfannen an hunn diffus Ängste virun lwwerfriemung an d'Gefill, am eegene Land diskriminéiert ze ginn.

Un der Politik ass et, offe mat deene Leit iwwert dës Problemer ze diskutéieren an hinnen erëm opzeweisen, wat fir eng grouss Chance déi auslännesch Populatioun fir eist Land duerstellt. Mir sollen dëst maache soulaang déi Problemer nach kleng sinn, an net de Feeler maachen, fir de Kapp an de Sand ze stiechen an ze maache wéi wa bei eis doheem alles „pour le mieux dans le meilleur des mondes“ wier.

D'Integratiounspolitik ass e permanente Chantier, wou mir alleguerten - d'Regierung, d'Chamber, awer och d'gesamt Zivilgesellschaft - gefuerdert sinn, ëmmer erëm op nei Erausforderungen Äntwerten ze sichen an och ze fannen.

Ech géif duerfir en Appel un eis alleguerte richten, fir an deenen nächste Wochen a Méint eis méi offensiv a proaktiv mam Thema vun der sozialer Kohesioun am Land - eng Terminologie, déi ech léiwer hu wéi déi vun der Integratioun - auserenzesetzen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wënschen eis all vill Energie, fir deenen Erausforderungen, déi op eis an op d'Land duerkommen, Meeschter ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

3. Ordre du jour

► **M. le Président.** - An hirer Réunioun vum 6. Oktober huet d'Präsidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer nach de Projet de loi 6119 iwwert de Recours en matière de marchés publics, nom Basismodell.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi behandelde mer an enger gemeinsamer Diskussioun d'Projet-de-loien 6163, 6017 an 6168, nom Modell 1.

Ass d'Chamber domadder averstanen? Den Här Hoffmann freet d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, mir hu muer um Ordre du jour d'Approbation vun enger Konventioun ënnert der Nummer 6168. An den Objet vun där Konventioun ass eng stroferechtlech Zesummenaarbecht fir d'Repressioun vun der Piraterie.

Mäi grouss Problem besteet doranner, dass ech der Meinung sinn, dass bei der

Applikatioun vun där Konventioun - do mengen ech net nëmmen, wat mir hei zu Lëtzebuerg dermat maachen, also zum Beispill d'Fro vun der Ausweisung, sondern wat insgesamt opgrond vun där Konventioun an anere Länner geschitt -, dass ech ganz staark Bedenken hu par rapport zu dem Anhale vu mënscherechtleche Bedëngunge respektiv par rapport zu der Doudesstrof.

D'Applikatioun vun där Konventioun kann doranner bestoen, dass a Länner - wann een d'Lëscht vun de Länner kuckt, déi se bis elo approuvéiert hunn, da gesäit een, wat fir dass dat sinn -, dass an deene Länner opgrond vun där Konventioun Pursuité stattfannen, déi de mënscherechtleche Kritären net gerecht sinn, respektiv och zur Uwendung, Exekutioun vun der Doudesstrof féieren.

An duerfir hätt ech léiwer, an dat wär meng Proposition, mer géifen déi Konventioun nach eng Kéier an d'Commission juridique ginn, vläicht och an d'Commission des Institutions, fir deen Aspekt Droits de l'Homme, garanties par rapport aux droits de l'Homme, garanties par rapport à la non-exécution de la peine de mort, dass een dat nach eng Kéier géif iwwerleeën, examinéieren, eventuell Reserve virgesinn - et si bestëmmte Länner, déi hu par rapport zu där Konventioun Reserven ausgedréckt, awer net an deem dote Beräich - an dass ee vläicht och eis Konsultativ Kommissioun vun de Mënscherechter nach eng Kéier mat där Konventioun befaasst, fir dass si eis seet, ob do Garantie bestinn - ech fannen neen -, a wat ee kéint maachen, fir eventuell awer op d'mannst gewësse Restriktiounen par rapport zu Abusen am Beräich vun de Mënscherechter oder vun der Exekutioun vun der Doudesstrof iergendwéi ofzesécheren.

► **M. le Président.** - Den Här Braz freet och nach dozou d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Ech wëll fir déi gréng Fraktioun soen, Här President, dat do sinn effektiv Aspekter, déi mer an der Kommissioun net évoquéiert hunn. Wa mer éierlech sinn, dat ass an där Form do net zur Sprooch komm. Et ass och wouer, dass mir déi heite Projeten ënner engem - déi dräi, dee Pak - ënner engem gewaltigen Zäitdruck hu misse maachen. Mir hätte kee Problem, eis deem dote Virschlag unzeschleissen an deen drëtten Projet nach eng Kéier ze diskutéieren à la lumière vun deem, wat elo gesot ginn ass, well dat ass an der Kommissioun net geschitt.

Fir déi aner zwee Projeten, mengen ech, ass dat anescht. Mir hunn awer kee Problem, fir eis do nach eng Kéier e bëssen Zäit ze huelen, wann dat eis Aarbecht ka verbesseren.

► **M. le Président.** - Den Här Schiltz huet d'Wuert.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).** - Här President, déi dräi Projete sinn an der Kommissioun diskutéiert ginn. Et waren eng Rei Sitzunge souguer iwwert de Summer. Et war also d'Méiglechkeet, an der Kommissioun eng Rei Saachen unzemellen. Et ass och d'Méiglechkeet, hei am Plenum nach eng Rei Saachen unzemellen.

Den Här Braz huet et ugeschwat. Mir stëmmen déi dräi Texter a relativ komplizéierte Konditiounen, wat d'parlamentaresch Aarbecht ubelaangt. An ech drécke mech diplomatesch aus, wann ech dat soen. An déi dräi Texter gehéieren zesammen. Ech denken, vu datt se alleguerten eppes ze dinn hu mat deem, wat ënnert dem Sigel GAFI bekannt ass, an déi Fro, déi vum Här Hoffmann opgeworf gëtt - wat jo eng ganz legitim Fro ass -, kënnen mer jo, vu datt mer se net an der Kommissioun diskutéiert hunn a kee se do opgeworf huet, kënnen mer jo dann hei muer am Plenum diskutéieren.

Ech sinn och gespaant op déi juristesche Argumentatioun, déi et wäert méiglech maachen, fir au-delà vun eiser Juridictioun, sief dat Juridictioun, déi mer op eisem Territoire hunn oder op déi Schéffer, déi ënner eisem Fändel ze sinn, Prinzipien ze applizéieren, respektiv d'Applikatioun vu Prinzipien op aner Länner iwwert de Wee vun der Adoptioun vun esou Konventiounen ze hunn.

Et ass eng seriö Fro, wann et ëm d'Mënscherechter geet. Nach muss een,

wann een déi hei umellt, a mengen Aen och erklären - an dat ka jo da muer geschéien -, wéi een dat wëllt juristesche ënnermauern, datt mir do sollen Afloss huelen op dat, wat déi aner Länner do froen.

Alles an allem ass et awer esou, datt mer, wéi all Mënsch heibanne sech bewosst ass, an engem Prozedere sinn, deen zu engem Rapport vum GAFI gefouert huet, deen eisem Land net favorabel ass. D'Chamber huet eng éischte Kéier intervenéiert, andeem se en catastrophe am Februar, fir d'Saachen e bësse besser ze maachen, d'Gesetz iwwert d'Responsabilité pénale des personnes morales gestëmmt huet. D'Chamber stëmmt elo dräi Gesetzer no. A wann et dräi Gesetzer sinn, sinn et keng dräi. Well ech mengen, dat éischt Gesetz, dat beinhaltet eleng Changementer un eelef Gesetzer mat ganz substanzuelle juristesche Froen, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn. Ech denken, datt mer déi Froen sollen diskutéieren, mä datt mer se muer hei sollen am Plenum diskutéieren.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.** - Den Här Bettel huet d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, ech soen Iech Merci. Sou wéi et och gesot ginn ass vum Här Schiltz, ass an der Kommissioun driwwer diskutéiert ginn. Mä et muss ee wëssen, dass deen heite Projet de loi net den Hauptprojet de loi war, wou mer déi meeschten Zäit verbruecht hunn iwwert déi ganz GAFI-Mesuren, déi mer hunn, fir ze évitéieren, op déi gro Lëscht ze kommen.

Eis Partei wäert, esou wéi ech et och schonn ugekënnegt hunn an der Kommissioun, dësse Projet stëmmen. Mir wëlle wierklech awer, dass all Punkt kloer ass. A wann et hei wierklech ëm eng Fro geet, wou d'Doudesstrof an engem vun deenen anere Länner, déi Signataire si vun där Konventioun, awer a Fro kënn, ass et fir eis wichteg, dass dee Punkt gekläert gëtt vis-à-vis vun eiser Regierung, wat hir Position ass. A mir wiere frou - an dat wäert eng Conditio sine qua non sinn, Här President, fir den Text och ze stëmmen -, dass mer kloer Äntwerte kréie vun der Regierung op deem dote Punkt.

► **M. le Président.** - Den Här Jacques-Yves Henckes huet d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, déi Problematik, déi opgeworf ass, ass reell, well déi hänkt net vun de Gesetzestexter of, mä déi hänkt vun de Pays signataires of, an do gëtt et eventuell verschidde Reserven. Et ass kloer, datt um Blanchiment a kengem Land d'Doudesstrof besteet. Mä bei Actes de terrorisme ass awer manifestement d'Méiglechkeet do, an do hu mer bis elo a sämtlechen internationale Konventiounen Ausweisung virgeholl, mä just ënnert där Konditioun, datt d'Land sech géif engagéieren, fir keng Doudesstrof ze exécutéieren.

Ech huelen och un, datt dee Signataire vläicht, deen hei viséiert ass, esou ähnlech Deklaratiounen mat akzeptéiert huet. Dat misst kloergestallt gi vun der Regierung, well mer d'Lëscht, déi aktualiséiert Lëscht vun de Pays signataires net hunn an do duerch effektiv eng Inconnue besteet. Mir proposéieren eventuell, wann et méiglech wier, fir muer de Moien eng Réunioun vun der Commission juridique ze hunn, fir dee Problem do ze diskutéieren.

► **M. le Président.** - Den Här Bodry huet d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, ech mengen, effektiv ass déi Fro net an der Kommissioun bei eis diskutéiert ginn. Ech géif proposéieren, dass effektiv d'Regierung sollt do kucken, déi néideg Explicatiounen kënnen ze ginn op déi dote Fro, fir dass mer déi hunn, wa mer hei am Plenum iwwert déi Projeten do diskutéieren. An ech mengen, da gesäit ee jo, wéi wäit ee virukënn. Ech mengen, wa mer do eis Apaisement kréien, gesinn ech kee Problem, dass mer deen Text hei stëmmen.

► **M. le Président.** - Gutt. Ech hunn also hei d'Proposition vum Här Hoffmann, fir deen dote Projet de loi vum Ordre du jour ze huelen. Kënnen mer da vläicht iwwert déi Proposition ofstëmmen?

Vote

Wien ass mam Ordre du jour d'accord, esou wéi e vun der Conférence des Présidents virgeschloen ass? Do kënnen mer jo e Vote à main levée maachen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dat schéngt mer also kloer ze sinn. Domadder ass den Ordre du jour ugeholl, esou wéi e vun der Conférence des Présidents virgeschloen ginn ass.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6119 iwwert de Recours en matière de marchés publics. Ah, entschëllegt, den Här Berger wollt nach schnell d'Wuert froen, fir eng Proposition de loi ze déposéieren. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

4. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution et d'une proposition de loi

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt hei eng Proposition de loi déposéieren, respektiv eng Proposition de révision vun der Constitution.

- **6205** - Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution

- **6206** - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Ëm wat geet et? Et geet ëm d'Erofsetze vum Wahlalter op 16 Joer, souwuel op nationalem wéi kommunalem Niveau.

Dir kënn Iech vläicht erënneren, datt ech schonn eng Kéier esou eng Initiativ hei geholl hat, datt ech awer, well mer eist Chambersreglement geännert hunn, dunn déi Propositionen erofgeholl hunn a se dann elo nei déposéieren, fir datt dann och kann an den nächste Wochen a Méint nach eng Kéier hei am Plenum doriwwer debattéiert ginn.

Et sinn u sech keng oder kaum nei Elementer derbäi, ausser datt och elo mëttlerweil d'Jugendparlament, dat jo och ganz vill flott Relatiounen mat eiser Chamber huet, sech och derfir ausgeschwat huet. Ech wollt déi also déposéieren an der Hoffnung, datt dat och schnell kéint duerch d'Instance goen. A ronn engem Joer hu mer Gemengewahlen, an et wier flott, wann een da kéint schonn, wann dee Stéchdatum ass, no deem Modus och hei zu Lëtzebuerg viele goen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. Elo komme mer dann awer definitiv zum Projet de loi 6119 iwwert de Recours en matière de marchés publics. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo just ageschriwwen: déi Hären Etgen an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

5. 6119 - Projet de loi instituant le recours en matière de marchés publics

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Léon Gloden (CSV), rapporteur.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, direkt zum Optakt vun der neier parlamentarescher Sessioun hu mer méi e juristesche-technesch Projet de loi um Ordre du jour: de Projet de loi N°6119 instituant les recours en matière de marchés publics, deen d'Direktiv 2007/66 vum 11. Dezember 2007 modifiant les directives 89/665 an 92/13 en ce qui concerne l'amélioration de l'efficacité des procédures de recours en matière de passation des marchés publics transposéiert.

Dësse Projet bréngt verschidden Ännerungen an de Voie-de-recoursen, déi eng Entreprise huet, wa se mengt, si wier am Kader vun enger Procédure d'attribution vun engem Marché public ongerechterweis net zrëckbehale ginn. Präziséiere mer direkt am Ufank, datt dësse Projet de loi net de Champ d'application vun der Marché-public-s-Gesetzgebung verännert.

Bis elo kenne mer zwee Gesetzer, déi d'Prozedure virum Geriicht am Kader vun enger Procédure d'attribution vun engem



Marché public festleeën: d'Gesetz vum 13. Mäerz 1993, wat d'Direktiv 89/665 ëmgesat huet, an d'Gesetz vum 27. Juli 1997, wat d'Direktiv 92/13 ëmgesat huet.

Et ënnerscheet een tëschent de Prozedure bei de Juridictions administratives an de Prozedure bei de Juridictions civiles. Wann eng Administratioun e Marché public ausschreift an et wëllt ee géint eng Décisioun vun der Administratioun kloen, geet ee bei den Tribunal administratif. Wëllt ee Schuedenersaz kréien, geet ee bei d'Jurisdiction civile.

Et gëtt awer och Entitéiten, déi keng Administration publique sinn, mä déi awer an de Champ d'application vun der Marché-public-s-Gesetzgebung falen. Dës sinn d'Entités adjudicatrices privées aus dem Waasser-, Energie-, Transport- a Postsektor, wéi zum Beispill d'SEO. Wann een do wëllt e Recours géint eng Décisioun maachen, da geet ee bei d'Jurisdiction civile.

Duerch dëse Projet de loi ginn elo d'Prozedure souwuel bei de Juridictions administratives wéi bei de Juridictions civiles adaptéiert. An dësem Dossier ass eng gewëssen Urgence, well d'Europäesch Kommissioun de Fanger op Lëtzebuerg geriicht huet. De Projet de loi N°6119, dee mer elo hei solle stëmmen, wäert déi zwee Gesetzter, déi ech virdru genannt hunn, abrogéieren, andeem en engersäits d'Dispositiounen vun dësen zwee Gesetzter zréckhält an anerersäits ëmännert oder complétiert, fir konform mat där Direktiv ze sinn.

Firwat déi Direktiv 2007/66 a firwat also dëse Projet de loi? Et ass festgehalen ginn, datt déi aktuell Recoursen net ëmmer effikass waren, well deem, deem de Kontrakt net krut, net oder ganz schwéier a Procédures d'adjudication agraife konnt, ausser am Prinzip e Recours en annulation ze maachen oder Schuedenersaz ze froen. Duerfir ass eng vun deene groussen Nouveautéen, déi duerch dëse Projet de loi agefouert ginn, datt eng Décisioun, e Marché public enger Entreprise ze ginn, als „dépourvue d'effets“ deklaréiert ka ginn, also als caduque deklaréiert ka ginn.

Mir kruten am Kader vun dësem Projet de loi eng Rëtsch interessant Avisen. Ech wëllt hei just den Avis vum President vun der Cour administrative ervirsträichen, dee mer och probéiert hunn, esou wäit wéi méiglech ze befollegen, dans la mesure, wou e mat de Commentaire vum Statsrot iwwereneestëmmt.

De Statsrot huet den éischten Avis den 29. Juni ginn. Mir haten an eiser Réunioun vum 8. Juli 2000 (*lire: 2010*) eng Rei Amendementer gemaach, an de Statsrot huet en zweeten Avis de 16. Juli ginn. An hirer Sëtzung vum 23. Juli huet d'Kommissioun dunn nach eng Rei Amendementer gemaach, déi de nature légistique sinn. A sengem leschten Avis vum 28. September huet de Statsrot keng Kommentare méi gehat.

Wat ännert also mat dësem neie Gesetz? Fir d'Éischt betreffend d'Décisiounen vun den Administrations publiques. Den Artikel 3 hält d'Prozedur beim Référé administratif zréck, déi et enger Entreprise erlaabt, e Recours ze maachen, wa se mengt, et wier eng Irrégularitéit um Niveau vun de Soumissionnariéiers geschitt. D'Konsequenz vun dësem Référé ass, datt, wann den Tribunal administratif considéiert, datt do effektiv eng Irrégularitéit geschitt ass, en déi ka korrigéieren an esou de Kläger nach ëmmer eng Chance behält, fir de Marché ze kréien.

Et ass awer och ervirzestrichen, datt, wann eng Violatioun virläit, de President vum Tribunal administratif net muss d'Irrégularitéiten am Soumissionnariéiers dossier korrigéieren, wann en der Meinung ass, datt notament op Basis vum Intérêt public d'negativ Konsequenze méi schlëmm wiere wéi d'Avantages. An deem Fall kann de President da finanziell Penalitéiten prononcéieren. D'Administratioun muss och esou laang d'Prozedur stoppen, bis d'Notifikatioun vun der Ordonnance vum Riichter geschitt ass.

Zweete wichteg Punkt ënnert dësem Projet de loi ass - wéi een esou schéin op Lëtzebuergesch seet - d'„Obligation de standstill“. Et gëtt een Délai de suspension tëschent der Décisioun vun der Adjudicatioun an der Konklusioun vum Kontrakt të-

schent de Parteien. Dësen Délai ass zéng oder 15 Deeg. Dat hänkt dovunner of, ob d'Décision d'attribution vum Marché public u concernéiert Soumissionnariéier iwwer E-Mail, Fax oder Bréif geschéckt gëtt.

Wann een am Délai vun zéng oder 15 Deeg dann e Recours beim President vum Tribunal administratif agereecht huet, dierf d'Verwaltung de Kontrakt net ofschléissen. Dësen Délai ass awer net obligatoresch a verschiddene Fäll. Dës Fäll sinn am Artikel 8 festgeluecht, wéi zum Beispill, wa keng Publikatioun vun engem Marché public am Journal officiel vun der Europäescher Unioun obligatoresch ass.

Eng grouss Nouveautéit ass, datt de Kontrakt, dee concluéiert ginn ass en violation vun de prozeduralen Exigenzen a verschiddene Fäll „dépourvu d'effets“ vum President vum Tribunal d'arrondissement deklaréiert ka ginn, also caduc gëtt.

De Riichter huet d'Méiglechkeet, de Kontrakt ze annulléieren, entweder mat Effet rétroactif, dat heescht, de Kontrakt gëtt et net méi, oder d'Annulatioun ka sech op verschidden Obligationen bezéien aus dem Kontrakt, déi nach ze exécutéieren sinn. Am leschte Fall muss de Riichter och finanziell Strofe prononcéieren.

Hei ass awer och ervirzestrichen, datt de President vum Bezierrichter net onbedéngt muss de Marché dépourvu d'effets deklaréieren, wa sougenannte Raisons impérieuses d'intérêt général verlaangen, datt de Marché awer valabel bleift. An dësem Fall muss de President dann awer finanziell Sanktiounen prononcéieren.

Wat ass eng Raison impérieuse d'intérêt général? Esou eng Raison impérieuse d'intérêt général ka sinn, datt et ekonomesch wichteg ass, datt den ofgeschlossene Marché public bäibehale gëtt. Mä den Intérêt économique kann awer net sinn, wann duerch d'Annulatioun géifen zousätzlech Käschten ufalen, well de Chantier méi spët géif exécutéiert ginn doduerch, datt en neien Appel d'offre lancéiert muss ginn.

A verschiddene Fäll kann de President net intervenéieren, fir e Marché dépourvu d'effets ze deklaréieren. Dës Fäll sinn am Artikel 12 an am Artikel 13 virgesinn. Wann et awer kloer ass, datt deem, deem de Recours mécht, well de Sursis d'exécution oder d'Obligation de standstill net respektéiert ginn ass, wann et awer bewisen ass, datt deem, deem de Recours mécht, souwéiso net de Marché hätt kënnen kréien, da kann de Kontrakt net annulléiert ginn. An deem Fall kann héchstens eng finanziell Penalitéit ufalen. Dës finanziell Penalitéit ka sech maximal op 15% vum Montant hors TVA vum attribuéierte Marché belafen an dës Zomm geet un den Enregistrement.

Betreffend dann d'Prozeduren am Kader vu Marchéen, déi duerch sougenannten Entités adjudicatrices privées am Waasser-, Energie-, Transport- a Postsektor concluéiert ginn, kann ee soen, datt dat, wat ech elo grad gesot hunn, och grosso modo hei ëmgesat ginn ass.

Bleift allgemeng ze rappeléieren, datt niewent de Recoursen eng Entreprise natierlech och - wéi et bis elo ass - e Schuedenersaz beim Zivilrichter akloe kann.

Ënnersträiche mer nach, datt dës Gesetz den éischten Dag vum Mount, nodeem et am Mémorial publizéiert gëtt, a Kraaft trëtt. Recoursen am Kader vun engem Marché public, wou virun Akraafttriede vun deem neie Gesetz een Avis publizéiert oder en Appel d'offre gemaach ginn ass, ënnerleie weider deenen ale Gesetzter.

Ech hat lech net ze vill versprochen: Dëse Projet de loi ass technesch, mä e verstärkt d'Rechter vun den Entrepreneuren am Kader vun der Marché-public-s-Prozedur. Domat ginn d'Administratiounen an d'Entités adjudicatrices privées initiéiert, och besser opzepassen am Kader vun de Marchés publics. Ech ginn dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci, an als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi präzise schrëftleche Rapport a säin och kloer formuléierte mëndleche Rapport. Ech mengen, de Wiederer vum Rapporteur ass näischt bäizefügen an ech wëll och den Accord vu menger Fraktioun ginn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Dann hunn ech hei nach den Här Henckes, deen agedroen ass. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem Rapporteur e grouse Merci. En huet ënner anerem ervirgestrich, datt dat Gesetz hei d'Rechter vun den Entrepreneuren vis-à-vis vun der öffentlecher Hand stäerkt, mä leider just nure fir déi europäesch Marchépublicen, net fir déi national, wat ech ganz éierlech bedauern a wou ech och muss ervirsträichen, datt mer dat eenzeg Land sinn, wat esou eng Mesure virgesäit. D'Belsch, Däitschland, Frankräich hunn eng eenheetlech Prozedur virgeholl, well dat méi PME-frëndlech ass. Ech bedauern, datt mer ons hei stur nuren un déi Traditionen halen, déi mer soss kennen.

Deen zweete Problem, deen diskutéiert ginn ass an der Kommissioun - wou ech eng Kéier d'Éier hat, fir kënnen derbäi ze sinn -, dat ass, datt een Ablack am Projet de loi initial gesot gi wor, datt de Règlement grand-ducal, deen als Ausféierung vun dem Gesetz iwwert d'Marchés publics virgesinn ass, datt dat, datt d'Recoursen deem Règlement grand-ducal ënnerworf wieren.

Ech si frou, datt d'Regierung an och déi zoustänneg Chamberskommissioun an och nodréiglech de Conseil d'État finalement d'accord sinn, datt esou Dispositiounen, wou op e Règlement grand-ducal an engem Gesetz verwise gëtt, fir essenziell Konditiounen fir Recoursé virzegesinn, datt dat ewechkomm ass an datt elo also d'Gesetzgebung integral applizéiert gëtt an net sech op e Règlement grand-ducal référéiert gëtt, dee ganz séier ouni iergendeen Avis vun iergendengem kéint theoretesch vun der Regierung geännert ginn. Esou datt dat eng positiv Mesure ass, déi mer elo festgehalen hunn!

Par contre bleiven nach e puer Saachen technesch Natur, wou ech wollt kuerz drop hiweisen: Esou bedauern ech, datt de President vum Tribunal d'arrondissement net kann ersat ginn. Wann also e Référé ass an et ass Vakanzenzäit oder en ass krank, dann hu mer e klengen technesch a praktesch Problem. Da gëtt am Artikel 6 am Commentaire geschwat vum „President vum Tribunal d'arrondissement“ an a Wierklechkeet steet am Gesetzestext de „President vum Tribunal de commerce“... Bref, et gesäit een, datt nach hu missen e puer Froe vläicht opgeworf ginn.

Mä wat mer méi fundamental schéngt - Här Minister, do adresséieren ech mech un d'Regierung -, dat ass, datt mer eng Kéier déi ganz Gesetzgebung missten nei op de Leescht huelen, datt mer eng global Reflexioun hunn, och iwwer verschidden institutionell Problemer, déi mer hunn.

Ech wëll nuren drop hiweisen, een eenzeg Beispill: Am Gesetz, wat mer 2009 gestëmmt hunn, gëtt de Montant fir d'Marchés publics de travaux op 6.240.000 Euro festgeluecht. Et ass haut nach ëmmer de Fall, mä deem Ablack, wou d'Gesetz gestëmmt ginn ass, louch e scho bei 5.150.000, haut ass e bei 4.845.000. Op där anerer Säit ginn déi Marges de soumission publique au niveau national dem Index, dem Bauindex ugepasst. Wann een deem elo héichrechent tëschent 2009 an dem Montant haut, da leien tëschent der europäescher Ausschreiwung an der nationaler Soumission publique de travaux nach eng 50.000 Euro Differenz.

D'Fro stellt sech, ob een do net muss eng Kéier dat Ganzt kucken, dat Ganzt iwwerleeën a kucken, datt een am Gesetzestext dat huet, wat wichteg ass, wat fir jiddwereen, fir d'Entrepreneuren einfach liesbar ass, an am Règlement grand-ducal nure méi d'Ausféierungsbestëmmungen.

Ech wier frou, Här Minister, wann Der ons kéint an den nächste sechs Méint Är Iwwerleeung bekannt ginn an eventuell e

Projet de loi déposéieren, oder weinstens Är grouss Iwwerleeung bekannt ginn, wéi Der déi Reform vum Marchés-publics-Gesetz esou wëllt maachen, datt se méi liederlech ass, datt se méi userfrëndlech ass, net nure fir d'Betriben - well déi sinn et als Éischt an onsen Aen -, mä och fir d'Administrations publiques.

Wann Der op dee Wee wëllt goen, Här Minister, da stëmme mer lech d'Gesetz; wann Der op dee Wee net wëllt goen, da géife mer ons beim Gesetz enthalten.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. Elo kritt d'Wuert den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech och dem Rapporteur villmools Merci soe fir déi gutt a schnell Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass. Ech si frou, datt mer deem Text elo haut kënnen duerchkréien. Et ass en Text, wou mer e Retard hunn an den Direktivsemsetzungen. Dee Retard ass hei definitiv, wat d'Marchépublicen elo ugeet, mat dësem Vote - wann en da positiv ausgeet - opgehewen.

Op déi puer Froen, déi gestallt gi sinn, wëll ech dat hei soen: Éischtens ass et esou, datt mer virun enger ganzer Rei Joren déi Opdeelung an dräi Bicher vun der Marché-public-s-Gesetzgebung erausgewielt hunn. Wann een déi bis eng Kéier an de Gesetzter huet, dann ass et logesch, datt an de Modifikatiounen vun de Gesetzter, esou wéi dat hei ass, och probéiert gëtt, se weider ze applizéieren, insofern et, wann een dat elo an dësem Moment géif bei Modifikatiounen wéi déi hei änneren, eng risen Aarbecht wier a nach méi Gewulls géif ginn, wéi et noutwendeg ass.

Dofir war et fir eis wichteg, datt mer den Opbau, un deem d'Entrepreneuren awer schlussendlech no esou vill Jore gewinnt sinn, an dësem Moment bäibehalen.

Ech si relativ onglécklech, datt dee Gesetzestext 2003, 2008, 2009, 2010 all Kéiers muss ëmgeännert ginn. Dat hänkt natierlech awer dovunner of, datt eng Rei Modifikatiounen och am Kader vun den Direktiven ëmmer zousätzlech kommen, esou wéi déi hei zum Beispill. Dat ass gutt op där enger Säit, well mer eis Législatioun domat méi perfekt maachen, op där anerer Säit bréngt et d'Schwieregkeet mat, datt mer mat enger Législatioun ze dinn hunn, déi vill Changementer beinhalt an déi dofir och fir souwéiso d'Soumissionnariéieren op där enger Säit - Stat a Gemengen -, mä awer och fir d'Entreprise ganz oft schwéier ze handhaben ass, well eben déi Modifikatiounen esou oft drakommen.

Et gëtt och nach en anere Problem. Dat ass deem, datt mer Schwierigkeeten hunn, eng konstant Jurisprudenz ze kréien, well ganz oft Detailer changéieren.

Elo fir op dem Här Henckes seng Fro ze äntwerten, mengen ech, datt et hei an dësem Fall, an dësem Moment elo emol wichteg ass, datt mer deenen Texter, esou wéi se elo existéieren, eng Chance ginn, datt se an der Praxis kënnen während enger Zäit lafen; datt mer och noutgedröngenerweis, ob mer et wëllen oder net, eng Jurisprudenz kréien. Dat huet jo och säi Virdeel, well mer dann och all Detail vun der Applikatioun vum Gesetz méi prezis kennen. An, wa mer dat wëssen, datt mer dann un déi nächst Etapp ginn, fir eng generell Iwwerleeung ze maachen.

Dat ass awer, Här Henckes, mengen ech, net a sechs Méint. Ech mengen, hei muss ee méi laang Zäit dem Gesetz ginn, fir ze kucken, wou sinn eis Schwaachpunkten, déi mer da mat enger Reformulatioun vum Text kënnen considéieren. Ech weess net, ob dat lech als Äntwert duergeet, mä et ass déi eenzeg, déi ech haut wëll ginn op Är Fro, déi Dir gestallt hutt.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.



Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6119 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), MM. Léon Glo-den, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies,

Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel (par M. Félix Eischen), Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Ngri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)


Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo schonn um Schluss vun eiser éischter Sitzung ukomm.

Muer kënn d'Chamber erëm ëm hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.48 heures)



SÉANCE 2

MERCREDI,
13 OCTOBRE 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydie Polfer, Vice-Président

Sommaire

1. Communications

- M. le Président

2. Résolution relative à l'adoption par la Chambre des Députés de l'avis politique de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural sur la réforme du cadre législatif européen de l'autorisation des OGM

- M. le Président

- Vote (résolution adoptée)

3. 6163 - Projet de loi

- portant renforcement du cadre légal en matière de lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,
- portant organisation des contrôles du transport physique de l'argent liquide entrant au, transitant par ou sortant du Grand-Duché de Luxembourg,
- relative à la mise en œuvre des résolutions du Conseil de Sécurité des Nations Unies et des actes adoptés par l'Union européenne comportant des interdictions et mesures restrictives à l'encontre de certains États, régimes politiques, personnes, entités et groupes,

- modifiant:

1. le Code pénal,
2. le Code d'instruction criminelle,
3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,
4. la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,
5. la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie,
6. la loi modifiée du 11 avril 1985 portant approbation de la Convention sur la protection physique des matières nucléaires, ouverte à la signature à Vienne et à New York en date du 3 mars 1980,
7. la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne,
8. la loi du 20 juin 2001 sur l'extradition,
9. la loi du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne,
10. la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale,
11. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier,
12. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier,
13. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances,
14. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat,
15. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat,

16. la loi modifiée du 10 juin 1999 relative à l'organisation de la profession d'expert-comptable,
17. la loi du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit,
18. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives,
19. la loi modifiée du 17 mars 1992 portant approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988,
20. la loi modifiée du 14 juin 2001 portant approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990,
21. la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'enregistrement et des domaines

6017 - Projet de loi portant

1. approbation de la Convention du 29 mai 2000 relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne
2. approbation du Protocole du 16 octobre 2001 à la Convention relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne
3. modification de certaines dispositions du Code d'instruction criminelle et de la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire en matière pénale

6168 - Projet de loi

- portant approbation de la Convention pour la répression d'actes illicites contre la sécurité de la navigation maritime, faite à Rome le 10 mars 1988 et du Protocole pour la répression d'actes illicites contre la sécurité des plates-formes fixes situées sur le plateau continental, fait à Rome le 10 mars 1988;
- et modifiant la loi du 14 avril 1992 instituant un code disciplinaire et pénal pour la marine
- Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 6163: M. Jean-Louis Schiltz, M. Gilles Roth
- Rapport de la Commission juridique sur les projets de loi 6017 et 6168: M. Gilles Roth (dépôt d'une motion)
- Discussion générale: M. Xavier Bettel, M. Jean-Pierre Klein, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. André Hoffmann (dépôt d'une motion)
- M. François Biltgen, Ministre de la Justice (dépôt d'une documentation)
- Motions: M. François Biltgen, Ministre de la Justice
- M. André Hoffmann (parole après ministre)
- Vote sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel
- Vote sur les motions (motion 1 adoptée; motion 2 rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Communications

Ech hu par contre folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass

um Bureau déposiert a gëtt un d'Fraktioun verdeelt.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi während dem Summer um Greffe vun der Chamber déposiert goufen, ass och um Bureau déposiert a gëtt un d'Fraktioun verdeelt.

3) Dann ass et déi 123. Assemblée vun der Union parlementaire (lire: interparlementaire): Déi huet vum 4. bis de 6. Oktober zu Genève stattfonnt. D'Chamber war vertruuden duerch den Här Xavier Bettel.

4) De véierten Deel vun der Sessioun vun 2010 vun der Assemblée vum Conseil de l'Europe huet vum 4. bis den 8. Oktober zu Stroossbuerg stattfonnt. Hei war d'Chamber vertruuden duerch déi Damme Lydie Err an Anne Brasseur an déi Häre Fernand Boden, Norbert Hauptert, Jean Huss a Marc Spautz.

Communications du Président - séance publique du 13 octobre 2010

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

6160 - Projet de loi sur les services postaux

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias, le 14.07.2010

6161 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées;

2. du Code du Travail

Dépôt: Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 16.07.2010

6162 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique

Dépôt: Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 16.07.2010

6164 - Projet de loi

- portant transposition:

- de la directive 2009/110/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 concernant l'accès à l'activité des établissements de monnaie électronique et son exercice ainsi que la surveillance prudentielle